N°1007
Entrée le 15.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.07.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro n°832 wollte mir Informatiounen kréien, wéi d'Justiz géint Kandsmësshandlung hei am Land virgeet.

D'Ministeren hunn eis vun der Zuelen geliwwert, déi net iwwertenee stëmmen.

D'Zuelen betreffend de Fäll zum Viol (375 CP), déi ad acta klasséiert goufen, variéieren tëschent den Tabellen an der zweeter Äntwert an der drëtter Äntwert:

| | Joer | | Tabell 1 | | Tabell 2 |
|---|---|---|---|---|---|
| | 2019 | | 14 | | 17 |
| | 2020 | | 18 | | 15 |
| | 2021 | | 11 | | 14 |
| | 2022 | | 6 | | 17 |
| | 2023 | | 11 | | 22 |
| | Total | | 60 | | 85 |

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi kënnt dës Differenz tëschent dësen zwee Tableaux'en zoustan?

2. Wat fir eng Zuelen sinn déi richteg?

3. D'Ministeren hu geschriwwen:
   *Et sief ze bemierken, dass eng Affär, déi zum Beispill 2023 klasséiert gouf, net onbedéngt och 2023 beim Parquet erakomm ass, mee an de Jore virdrun.*
   Trotzdeem goufen op 5 Joer gekuckt 220 Fäll gemellt vu Viol gemellt an 85 Fäll ad acta geluecht, wat ronn 40% vun de Fäll ausmécht.
   - Wéi vill Fäll vu Viol goufen iwwert déi lescht 10 Joer gemellt?
   - Wéi vill Fäll goufen ad acta geluecht?
   - Wat sinn déi heefegst Grënn, firwat dës Fäll vu Viol ad acta geluecht ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten